

Projet de loi 6453 portant modification

1. De la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du Travail

2. De la loi modifiée du 12 juin 2004 portant création d'une Administration des services de secours

Discours Ali Kaes

Här President, Dir Damen an dir Hären,

Ech hun d'Éier lëch de Rapport vun der Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police iwwer de Gesetzprojet 6453 virzestellen, bei deem et engersäits ëm eng Gesetzesännerung vum oofgeännerte Gesetz vum 31. Juli 2006 iwwer de Code du Travail geet, an aanersäits eng Verbesserung vum oofgeännerte Gesetz vum 12. Juni 2004 iwwer d'Schaafung vun enger Administratioun vir Noutdéngrichter bréngt.

Dëse Projet gouff den 23. Juli 2012 vum Innenminister an der Chamber deposéiert. Et sin eng ganz Rei vun Avis'en erakomm, doropper kommen ech awer méi spéit zréck.

Den 12. November sin ech vun der Kommissioun als Rapporteur ernannt gin. Nodeems d'Kommissioun de ganzen Dossier mat den Avis'en examinéiert huët, gouffen 4 Amendementer virgeschloën, déi dann och de 4. Dezember vum Staatsrood aviséiert gouffen.

A sénger Sëtzung vum 24. Januar vum neie Joër huët d'Kommissioun dann den Rapport ugeholl.

Här President, Dir Damen an dir Hären,

Dëse Projet muss een u sëch als Iwwergangsprojet gesinn virun der grousser Reform vun de Services de secours. De Projet ennersträischt de Wëlle vun der Regierung vir dee fräiwëllegen Engagement besser unzëerkennen, ze encouragéieren an och weiderhin ze förderen.

Här President, Dir Damen an dir Hären,

Wa mir d'Entwécklung vun onse Noutdéngrichter zënter dem Akraafttrieden vum 2004er Gesetz ënner d'Loupe huëlen, stelle mer fest, datt grouss Problemer bestinn, waat d'Disponibilitéit vun de Fräiwëllegen ugeet. Dowéinst hun d'Responsabel vun de Centre de secours d'Noutbrems gezunn hun andeems se eng öffentlech Demande gemaach hun full-time professionnel Personal anzustellen.

Här President, Dir Damen an dir Hären,

Doropshin huet am September 2009 den Innenminister Expären ugestallt, eng Iwwerleeung iwver d'Ëmsetzung vun enger institutioneller an operationeller Reorganisatioun vun de Lëtzebuerger Noutdéngrichter ze féieren.

Den 11. Oktober 2010 huet dee Grupp vun Expären de Rapport un den zoustännege Minister oofgin.

Här President, Dir Damen an dir Hären,

D'Grondidee vun dese Propositione läit op engem Regruppement vun der *Protection civile* an de Pompjeën an enger Struktur. Momentan sin Arbeschtsgruppen am Gaang konkret Virschléi vir diesen Zweck ze preparéieren.

Bis een zu enger Ëmsetzung vun der Reorganisatioun vun de Noutdéngrichter kënn, muss een awer an der Tëschenzäit dringend e puër Mossnahmen ergräiffen déi e gudde Funktionnement vun dese Servicer erméiglegen.

An der Praxis, gesäit dese Gesetzprojet vir, de *Congé spécial* fir déi Haaptresponsabel vun de Noutdéngrichtservicer, déi sech och matt administrativen a repräsentativen Missiounen mussen befaassen, sou ze erweideren datt déi betreffend Persounen nët op hiere *Congé légal* mussen zeréckgräiffen.

D'Situatioun ass déi datt et am Gesetz e Planfong vun 42 Deeg am Aarbechtliewen gët, deen dann eben fir déi grad genannten Leit, soll erweidert gin. D'Limite vun de 42 Deeg gët opgehuewen an et kommen maximal 7 Congésdeeg pro Joër derbäi. De Gesetztext gesäit am Artikel 16 ganz genau vir, ween iwver dese Congé verfügen därf. Zudeem gët d'Méiglechkeet geschaaf fir hallef Deeg Congé ze huëlen an domatt méi rationnel mam Congé ëmzegoën.

Ausserdem as an dësem Projet virgesinn, de *Code du travail* ze änneren, vir e materielle Fehler ze verbesseren, daat heescht den Artikel 5 vum oofgeännerte Gesetz vum 12. Juni 2004 iwver d'Schaafung vun enger Administratioun vir Noutdéngschter ze kompletéieren.

Här President, Dir Damen an dir Hären,

Ech wëll awer och nach e puër Wieder iwver déi verschidden Avis'en soën.

A séngem Avis vum 9. Oktober 2012 huët de Staatsrood säin Accord vir Démarche vun dësem Projet de loi gin. E wollt awer betounen, datt een d'Notioun "*jours ouvrables*" sollt bäibehaalen waat de *congé spécial* ubelaangt, fir sämtlech Mëessverständnisser ze vermeiden. D'Kommissioun huët den Avis vum Staatsrood a Betruëcht gezunn, an doropshin och Amendementer ugeholl. An séngem Avis complémentaire huet de Staatsrot d'Virschléih vun der Commissioun integral guddgeheescht.

Waat d'Berufschamberen ugeet, sou leien verschidden Avis'en vir:

D'Chambre de Commerce begréisst dëse Projet an huet just e puër kleng Remarquen.

Den Avis vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics vum 8. Oktober schätzt dës Initiativ vun der Regierung vir de *Volontariat* an den Noutdéngschtservicer besser unzeerkennen.

D'Chambre des Métiers huët ons hieren Avis den 12. Oktober matgedeelt an huët keng weider Bedenken zu dësem Projet geäussert.

D'Chambre des Salariés gët och hieren Accord zu dësem Projet de loi, och wann se déi eng oder aaner Remarqe haat. Heirop sin ech a mengem schrëftlechen Rapport agaang.

Här President,Dir Damen an dir Hären,

Ech wëll zum Schluss awer d'Wichtigkeet vum Bénévolat am Sécherheets- a Rettungswiesen ënnersträichen. D'Disponibilitéit vun hinnen ass méi wéih je gefuerdert well d'Zuel vun den Zwëschefäll an d'Komplexitéit vun deenen Zwëschefäll ëmmer weider zouhëllt. Stellt lech nëmmen ee Moment vir, et géiffe keng fräiwëlleg Hëllefskräfte gin. Dëst wier eng Katastroph an deen Einzelnen deen

Hëllef brauch, geséich eréischt dann déi wertvoll Aarbecht déi si all Daag onentgeltleg leeschten. Waat wiere mir z.B. ouni ons fräiwëlleg Pomjeën, déi hier Fräizäit hiergin an dobäi heiansdo hiert d'Liëwen riskéieren vir ons an Noutsituatiounen ze hëllef. Daat selwecht gëllt natirlech och fir d'Leit vun der Protection civile. Ech sin der Meenung, datt een dëse wichtéige Lait déi néidege Unerkennung muss gin, an hinnen op mannst de Kader bidden, deen hinnen erméiglecht, hier fräiwëlleg Arbescht kënnen ze maachen, ouni datt daat negativ Folgen op hieere Beruff huët. Et geet hei em Respekt a Solidaritéit.

Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen,

Fir weider Détailler verweisen ech op mäi schrëftlechen Rapport.

Ech bidden iech dëse Projet ze stëmmen a gin och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Ech soën iech Merci vir d'Nolauschteren.